pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här
Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2021.49213.SECR

Péiteng, den 27. Januar 2022

Betreff: Är Fro vum 28. Dezember 2021
(den Dossier gëtt beaarbecht vum - Tel. : 50 12 51 –)

Här Christian Welter,

Per E-Mail vum 28. Dezember hutt Dir dem Schäfferot folgend Froe gestallt :

Här Buergermeeschter, déi Dammen an Häre Schäffen,

Esou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wéilt ech Iech e puer Froen iwwert d'Förderung an d'Notzung vu biologesch ugebauten Nahrungsmëttel an der Gemeng stellen:

1. Wéi vill Prozent vun de Produkter, déi d'Gemeng fir hieren Eegekonsum bezitt, sinn aus 100% biologeschem Ubau?
2. Wéi vill Prozent vun de Muehlzéchten, déi an Organisatiounen verbraucht ginn, déi vun der Gemeng finanzéiert ginn, sinn aus 100% Ingrédienten aus biologescher Hierkonft?
3. Wéi wäert d'Gemeng den Ubau an de Konsum vun Nahrungsmëttel aus biologeschem Ubai weider erhéijen?

Mat Respekt,

Christian Welter
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froe :

Här Welter,

Hei dem Schäfferot seng Äntwerten op Är Froen:

1. Den Eegekonsum vun der Gemeng, d.h. wat d'Gemengeverwaltung respektiv d'Gemengepersonal verbraucht limitéiert sech just op folgend Gedrénks:
   Waasser: Krunnewaasser, Lodyss (Brasserie nationale), Viva (Sources Rosport), Jus: 'Pretemer Haff' vu Lampech (100% Uebst) a Café (Fair Trade).

2. Fir Receptioune vun der Gemeng gi just regional Produkter akaf an op de Fester, déi an Zesummenaarbecht mat de lokale Veräiner organiséiert ginn, gëtt och Wäert op regional Produkter geluecht. D'Muelzechten, déi fir d'Maisons Relaisen an de Repas sur roues vu Sodexo gekacht ginn, bestinn zu ronn 20 Prozent aus Produkter aus biologeschem Ubau.

3. De Schäfferot wäert och weiderhin Wäert dorop leeën regional a lokal anzekafen, sou wéi mir dat verstäerkt déi lescht Joren gemaach hunn.

Mat beschte Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures

Téléphone: 50 12 51-1000 Fax: 50 12 51-2000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925 N° fiscal: 00005132118